



N° 7747
Entrée le 10.03.2023
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Fernand Etgen
Luxembourg, le 10.03.2023

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit weiderzeleden.

Den Zäitspuerkont (CET) ass geschaf ginn, fir souwuel de Betriber wéi och den Employéen méi Flexibilitéit unzebidden. Een Employé ka sech, op Demande, geleeschten Iwwerstonnen opschreiw loossen, fir se duerno als Congésdeeg kënnen erëmzekeréien. Och bei der CFL gouf den CET duerch d'Cirulaire n°13 iwwert den OG13 den 1te Januar 2022 fir d'Agente vum Cadre permanent agefouert.

An deem Zesammenhang wéilt ech dem Minister dës Froe stellen:

1. Gëtt den Zäitspuerkont fir dat gesamt Personal vun den CFL ugewannt oder existéieren nach Posten, wou en aktuell nach net ugewannt gëtt?
Falls en nach net iwwerall ugewannt gëtt, bei wéi enge Posten ass dëst de Fall, a wéi ass dës Differenzéierung tëschen de Beamten ze rechtfäerdeg? Ass dës ënnerschiddlech Behandlung am OG13 virgesinn?
2. Wéini wäerten all d'CFL-Beamten den CET effektiv notze kënnen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten

